LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro Nummer 4275 vum 19 Juni 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d'Loyerssubventioun.**


1. **Wéi vill Dossieren am Kader vun der Loyerssubventioun stoungen am Juni 2026 nach op? Kann de Minister dës Dossieren no der selwechter Opschlësselung wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3673 opléschten?**
2. **Wat ass d'Erklärung dofir, dass esou vill Dossiere méi wéi 3 Méint brauchen, bis se ausbezuelt ginn?**
3. **Wéi vill Beamte schaffen am Service vun de Loyerssubventioun a wéi huet sech de Personalbestand zënter 2018 entwéckelt?**

Net nëmmen duerch de „Paquet de relance" vum Juni 2024, mee virun allem duerch e Gesetz vum 19. Dezember 2025 goufen d'Prozedure fir d'Verschaffe vun den Dossieren an d'Berechnungsmodalitéite wesentlech vereinfacht.

Esou muss de Beneficiaire beispillsweis net méi all eenzel Ännerung vu senger finanzieller Situatioun matdeelen, an den Dossier muss och net méi bei all Changement nei berechent ginn. Dat bréngt mat sech, dass den Dossier an esou Fäll net méi retroaktiv muss ugepasst ginn, wouduerch oft hu missten zousätzlech Dokumenter beim Demandeur nogefrot hu misste ginn.

Obwuel iwwert di lescht Joren d'Zuel vun den neien Dossieren eropgaangen ass (Graphique 1), hunn di ëmgesate Gesetzännerungen, grad ewéi déi an deem Kontext iwwerschafften intern Aarbechtsprozeduren, dozou gefouert, dass de Bestand vun deen ze verschaffenden Dossieren konsequent konnt reduzéiert ginn, ëm ongeféier 63 %: Hat de Service den 1. Juli 2025 nach 5.357 Dossieren ze verschaffen, sou waren et der den 24. Juni 2026 nach 1.993 wouvunner ronn 1.000 Revisioune vun de Méint Mee an Juni 2026 sinn (Graphique 2).


*Graphique 1*




| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Subvention de loyer | 3477 | 3308 | 4496 | 4517 | 4752 | 4728 | 2506 |
| Révision annuelle | 4682 | 5419 | 6279 | 7753 | 8773 | 10021 | 5831 |
| Garantie locative | 237 | 293 | 325 | 337 | 392 | 404 | 153 |
| Changement déclaré | 1476 | 1528 | 2832 | 3335 | 4076 | 4347 | 1790 |

* Joer 2026: Stand Enn Juni 2026

*Graphique 2*




Di virdrun erwäänten Ännerungen hunn natierlech och eng Reduktioun vun der Beaarbechtungszäit vun den Affaire bewierkt.

Wéi sech aus dem Tableau hei ënnendrënner erausliese léisst, kënne mëttlerweil di meescht Dossieren bannent 2-3 Méint ofgeschloss ginn.


Et gi wuel Dossieren, déi méi laang brauchen fir finaliséiert ze ginn, mee dëst léisst sech an de meeschte Fäll dorop zeréckféieren dass den Demandeur net all – oder di falsch – Dokumenter, zum Deel och mat engem gewësse Retard, erareecht.

| Délai de traitement brut (en jours) | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **0 - 35** | 22% | 31% | 29% | 27% | 41% | **45%** |
| **36 - 70** | 10% | 18% | 17% | 15% | 18% | **27%** |
| **71 - 105** | 7% | 12% | 13% | 10% | 10% | **14%** |
| **106 - 140** | 6% | 12% | 12% | 9% | 9% | **11%** |
| **141 - 200** | 13% | 13% | 13% | 17% | 11% | **3%** |
| **> 200** | 42% | 14% | 15% | 22% | 11% | **0%** |
| **Total** | **100%** | **100%** | **100%** | **100%** | **100%** | **100%** |

Wéi schonn an den Äntwerten op aner parlamentaresch Froen zu dësem Thema erwäänt gouf, ass hei di Zäit, wärend där de Service op Dokumenter waart mat abegraff, et handelt sech deemno hei em d'Brutto-Beaarbechtungszäit.

Wat de Personalbestand ugeet, ass ze bemierken dass d'Zuel vun den Agente, déi der Equipe vun der Loyerssubventioun zougedeelt sinn an hir jeeweileg Beschäftegungsgrad iwwert d'Joer variéiere kënnen. An ETP ("*employés temps plein*") ausgedréckt stellt sech den Duerchschnëtt pro Joer follgendermoossen duer (Graphique 3):

*Graphique 3*




Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch